



deen natierlech och schonn amgaangen ass, seng éischt Akzenter ze setzen an deem éischte Joer, wou en do ass.

D'lescht Joer am Abrëll krute mer dann och de Rapport vun der OCDE iwwert de Fuerschungs-an-Innovationssystem presentéiert. An do gouf et jo awer och eng relativ gutt Nott an eng Rei Recommandatiounen iwwert de Fuerschungssektor an de Secteur vun der Héichschoul hei zu Lëtzebuerg.

Ech géif awer och wëllen un d'Présidence eng Kéier kuerz erënneren, well mer och grad an deem dote Beräich vun den europäesche Kollegen, de Ministerkollegen an der Kommissioun, félicitéiert kritt hunn, well mer an och wichtige Sujeten, déi vläicht net ëmmer esou oft thematiséiert goufen - an och net onbedéngt an Ärer Fro elo - awer do weiderkamen, a mir krute Konklusiounen op europäeschem Niveau duerch. An zwar war dat natierlech an dem Beräich vun der Research Integrity, der Gläichstellung vu Mann a Fra an dann awer och an der Gouvernance vun dem Europäesche Fuerschungsraum, wat eis natierlech och wäert weiderbréngen.

Dir hutt d'Fro gestallt, wat et dann elo mat de konkrete Propositionen op sech huet. An ech géif do e puer Elementer wëllen ervirsträichen, déi et och elo erméiglechen a souguer pushen, fir déi Verbesserung vun de verschiddenen Instituter an deene verschiddenen Akteuren och hinzekréien.

De Contrat d'établissement op där enger Säit vun der Universitéit, dee vun 2014 bis 2017 geet, an d'Contrat-de-performancé fir deeselwechten Zäitraum vun de CRPen an dem FNR, déi ënnersträichen, dass d'Partenariater wichteg sinn tëschent deene verschiddene Secteuren an awer och tëschent der effentlecher Fuerschung an dem Industriesektor. An deene Kontrakter stinn och Leeschtungsindicateuren, déi mussen erreecht ginn. Ech nennen op där Plaz natierlech Patenter, Kreatiounen vu Spin-offen an och verstärkt d'Kollaboratiounen, déi doranner gefuerdert ginn.

Dat bedeit dann och zum Beispill am Konkreten, dass bei der Uni, fir déi nëmmen ze nennen, de Centre interdisciplinaire, den SnT am Beräich Security and Trust e Partenariatsprogramm gemaach huet mat 16 Entrepreneuren, wou dann natierlech och Suen an den SnT fléissen. Ech mengen, dat fonctionnéiert relativ gutt an do gëtt et dann och déi Iwwerlappung vun deenen zwee Secteuren.

An de leschte Mount, wëll ech nach e Beispill ervirhiewen, wou mer mat enger vun de renomméiertsten Unie vun der Welt e Kontrakt ënnerschriwwen hunn, eng Konventioun mam MIT, wou mer e Partenariat hikréien an dem Beräich vun dem Supply Chain Management an der Logistik. Op der Uni soll den „Luxembourg Centre for Logistics“ entstoën, an dat mat engem ganz enken Drot zum Cluster for Logistics hei vu Lëtzebuerg, fir eben och an deem héich technesche Beräich dat doten an eisekonomie Secteur vun der Logistik natierlech ze diversifizéieren.

D'Luxembourg School of Finance, déi ass och amgaang reorganiséiert ze ginn a restrukturiéiert ze ginn, an dat natierlech och op Beräicher wéi Fongen oder FinTech, an dat an Zesummenaarbecht mat der ABBL, der ALFI an anere Finanzakteuren. Et kann een och do vläicht ervirsträichen, dass Entrepreneuren wéi d'Deutsche Bank oder ATOZ och eng Chaire op der Uni finanzéieren, an dat am fënnestellige Beräich.

De Wirtschaftsminister, deen ass och heibanen, an zesumme mat him, dem Cluster for Materials, huet de LIST mat dem finanzielle Support vun dem Fuerschungsministère d'Décisioun geholl, fir e Centre de compétence am Beräich Composite opzebauen, an dat zesumme mat Betriber wéi zum Beispill der Goodyear.

De LIST huet dann och do en international renomméierte Fuerscher engagéiert, fir d'Direktioun vun deem Zenter ze iwwerhuelen. An dat weist jo och schonn un e puer Beispiller, wéi déi effentlech Recherche zesumme mat där privater Recherche ka fonctionnéieren an och grad an deene leschte Méint amgaang ass, och konkret Projeten do ze entwéckelen an och esouguer ëmzesetzen.

Nieft deenen institutionelle Kollaboratiounen gëtt et awer och aner där PPP-Instrumenter. Ech hunn d'Luxembourg Cluster Initiative vu Luxinnovation genannt. Ech kann awer och dem FNR seng AFR-PPP ernimmen, wou mëttlerweile méi wéi 50 PhD oder Postdocen hir Aarbecht a Kollaboratioun mat Entrepreneuren maachen. An den FNR wäert dann och an Zukunft seng Programmprofiler, wat déi PPPen ugeet, nach weider schäerfen, fir dass d'Kollaboratioun tëschent der effentlecher an der privater Fuerschung nach weider verstärkt ka ginn.

Mir waren also an deene leschte Méint do ganz aktiv, hunn och konkret Aktiounen an d'Weeër

geleet, fir eben d'Kollaboratioun mat den Entrepreneuren ze verbesseren.

D'Zuelen, wat d'Fuerschungspersonal ugeet, hutt Der natierlech och e bësse gefrot, wou een natierlech an där Entwécklung muss soen, dass déi Zuelen, déi virleien, déi vun 2013 sinn. Dir wësst, dass de Statec ëmmer eréischt dat Joer drop kann déi Saachen analyséieren an dass mer zwee Joer méi spéit eréischt déi richteg Zuele virleien hunn.

Ech kann do soen: 2005 gouf et 4.392 Leit, déi als Fuerschungspersonal geschaff hunn, an 2.227 Fuerscher, vun deenen der méi wéi 75% bei den Entrepreneuren waren.

Véier Joer méi spéit, 2009, do gouf et 4.711 Leit als Fuerschungspersonal an 2.396 Fuerscher, wou méi wéi 60% bei den Entrepreneuren waren.

An 2013, also déi lescht Zuelen - ech hat lech jo gesot, firwat -, do gouf et 5.003 Leit als Fuerschungspersonal an dovunner 2.615 Fuerscher, an do si grosso modo 50% bei den Entrepreneuren.

Et goufen also tëschent 2009 an 2013 300 zousätzlech Plaze geschaf, wouvunner ronn 220 Fuerscher sinn. An och wa mer net déi definitiv Zuele virleien hu vun deene Joren duerno, ass déi Tendenz awer steigend, ouni dass ech lech do kann déi definitiv Zuele liwweren.

Dann hat Der awer och an där drëtter Fro am Fong d'Informatioun wëlle kréien, wéi dann d'Resultater vu Lëtzebuerg an dem europäesche Fuerschungs- an Innovationsprogramm „Horizon 2020“ géifen ausgesinn. Vun dem 1. Januar 2014 bis Enn Oktober 2015 hunn d'Uni, d'Fuerschungsinstituter an d'Entrepreneuren 623 Projeten eragereecht, an dat fir ronn 233 Milliounen Euro. Dat ass, wann een dat eng Kéier erofrecht, praktesch all Dag e Projet vun 350.000 Euro. 101 där Projekte goufen akzeptéiert, an dat fir e Finanzement vun 30,7 Milliounen Euro. Dat ass eng Erfollegsquot vu 16,2%, an domat sti mer dann op zweeter Positioun vun den États membres, direkt hanner Frankräich, déi 16,9% hunn, an ex æquo mat der Belsch.

Am Pilier „Industrial Leadership“ sinn dat 12 Milliounen Euro a beim Pilier Gesellschaftsdéfie sinn et ronn 14 Milliounen Euro. Wa mer d'Institutiounen kucken, dann ass et d'Uni, déi mat 20 Projeten an engem Finanzement vun 11,2 Milliounen Euro d'Nummer eent ass. Duerno kënnt de LIST mat sechs Projekte fir e Finanzement vun 3,6 Milliounen Euro. An Domäner, wou mer relativ gutt ofgeschnidden hunn, sinn dann och, Dir hat et och ugeschwat, den ICT, den Transport, d'Gesondheitsuerschung, zum aneren d'Sozialwëssenschaften, d'Sécherheitsuerschung, wat natierlech an deenen Zäiten och e groussen Atout ass.

Dat iwwertrëfft, mengen ech, allegueren eis Erwaardungen. An et kann een natierlech och soen, dass an de leschten zwee Joer, iwwert déi pluriannuell Kontrakter, d'Uni an d'Instituter natierlech och opgefuerdert sinn, fir sech op europäeschem Plang ze moossen. An dat wäerte mer an Zukunft nach verstärken, fir an dem Programm „Horizon 2020“ nach méi erfolgräich ze sinn, wéi dat elo schonn de Fall ass.

Dann hutt Der d'Fro gestallt, wat de Comité supérieur de la recherche et de l'innovation, de CSRI ugeet. An do muss ech e bësse méi wäit aushuelen. Dee gouf am Fong 2008 gegrënnt, no der éischter OCDE-Etüd, fir souwuel de Fuerschungs- an de Wirtschaftsminister ze beroden a fir déi zwee eben ze ënnerstëtzen, fir eng kohärent Fuerschungs- an Innovationsstrategie ze entwéckelen.

Am Joer 2013, am Abrëll, gouf ënnert där Regierung virdrun deen CSRI am Fong op Ais geluecht, well weder d'Memberen nach de Ministère sech esou richtig involvéiert hunn an dat och net esou richtig genotzt hunn, fir deen Outil esou anzesetzen, wéi een dat hätt kënnen maachen.

An där zweeter OECD-Etüd, déi mer jo presentéiert haten an déi ech ugeschwat hunn - déi am Abrëll presentéiert gouf, déi wollte mer ofwaarden -, doranner muss een natierlech feststellen, dass den OECD-Rapport relativ mitigéiert ass iwwer iwwerhaupt d'Nécessitéit vun deem dote Gremium an dat natierlech nach eng Kéier sech gutt ze iwwerleeën. Mir sinn dann och amgaang, dat ze maachen, fir ze kucken, wéi dat soll ausgesinn an ob een net soll higoen, fir vläicht méi Gewicht op e Koordinationsorgan tëschent den effentlechen Institutiounen ze leeën, well mer natierlech d'Zesummenaarbecht an d'Concertatioun tëschent den Institutiounen nach weider wëlle verbesseren.

Et kann ee soen, dass et och nach Changementen gouf an dem Héichschoulministère, wou déi zwee Departementer Héichschoul a Fuerschung zesummegeluecht goufen, fir och méi

transversal kënnen zesummenzeschaffen. Do gouf et och positiv ECHOEN. An ech muss natierlech och do allegueren de Mataarbechter an dem Haus Merci soe fir déi Efforten, déi si gemaach hunn, fir och vun do aus, vun dem Ministère aus ze weisen, dass d'Kollaboratioun och tëschent den Instituter wichteg ass an dass een déi och nach verstärkt soll an de Privatsektor droen.

Mir hunn nach vill Projeten an deem dote Beräich a mir wäerten eis an deenen nächste Joren och verstärkt asetzen, fir dat och nach weider ze verbesseren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister. Den Här Oberweis, deen d'Recht huet, nach eng Kéier nozehaken, huet d'Wuert.

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Merci, Här President. Wann Der wëllt, ech wollt just froen, Dir hutt dat ganz gentil erkläert elo: Kënnt Der mer nach just soen, ob an der Trajectoire, déi Der elo probéiert durchzeféieren, dee Goal vun 2,7% 2020 erreechbar ass, wou mer jo 1,24% am Joer 2013 haten? Dir hutt jo elo vill erzielt. Packt Der dat da bis dohinner? Well dat wär jo awer e Goal vun deem 2020-Programm.

► **M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.** - Ech hu vill gesot, wat mer ugeleiert hunn a wou verstärkt natierlech drop higeschafft gëtt, fir dat ze maachen. Fir lech hautzudaags Garantien ze ginn, dat wär natierlech eng ganz schwierig Saach!

Ech mengen, dat sinn natierlech Objektiv, déi ee sech soll setzen. Do muss vill Leit mat weider dru schaffen, dass et iwwerhaupt kann erreecht ginn. An dat ass dat, wat mir eis virgeholl hunn, fir dorobber hinsteeieren. Wéi dat dann am Definitiven ausgesäit, dat muss mer dee Moment natierlech an de Konklusiounen, muss mer dat dee Moment kënnen feststellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat wär déi Question élargie och evaküiert a mer géifen zum leschte Punkt vun eisekonomie Ordre du jour vun de Mëtteg iwwergoen, dat ass de Projet 6769, deen eng aussergerichtlech Regelung vu Sträitfäll am Kader vum Konsumenteschutz virgesäit. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Franz Fayot.

11. 6769 - Projet de loi portant introduction du règlement extrajudiciaire des litiges de consommation dans le Code de la consommation et modifiant certaines autres dispositions du Code de la consommation

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kollegen, léif Memberen vun der Regierung, mat der Émsatzung vun den Direktiven iwwert de Règlement extrajudiciaire vu Litigen an der Mise en application vum Règlement iwwert d'Litigen an iwwert d'Litiges en ligne, zwee Texter vun 2013, setze mer hei zwee Texter ëm, déi u sech probéieren, déi aussergerichtlech Solutioun vu Litigen anzesetzen, fir en fait eppes am Sënn vum Consommateur ze maachen, fir dem Consommateur et ze erméiglechen, iwwerall an Europa Schlichterstellen unzerufen, déi verschidde Kritäre vu Qualitéit erfëllen, dat am Sënn vun engem besser fonctionnéierende Bannemaart.

Et ass eng Reform, déi am Sënn ass vun de Bierger, dat heescht, fir och de Bierger e besseren Accès ze ginn zum europäesche Maart, an dat eben duerech eng méi grouss, e besser fonctionnéierende Règlement extraordinaire (veuillez lire: extrajudiciaire) des litiges.

Ech wäert dat an der Suite REL nennen aus Einfachheetsgrënn. Et gëtt och heiansdo ADR genannt: Alternative Dispute Resolution,...

(Interruption)

...soudass deen Akronym och heiansdo e positive Sënn huet,...

► **Une voix.** - ...guer net driwwer ofzestëmmen.

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - ...mä...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Rapporteur!

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Voilà! Mä déi Alternative Dispute Resolution, gëtt festgestallt an där Direktiv, huet bis elo net immens gutt fonctionnéiert. D'Médiatioun huet net dee Succès, deen d'Europäeschen Instanzen ugeduecht haten. An et gesäit een iwwerall, an alle Länner, ob dat a Frankräich ass, mä och zu Lëtzebuerg, dass d'Médiatioun bis elo, déi bei eis jo duerech e Gesetz vum 24. Februar 2012 an den Nouveau Code de procédure civile ëmgesat ginn ass, dass déi bis elo nach net

deen escomptéierte Succès huet, obwuel d'Tendenz steigend ass, wéi ee gewuer gëtt, wann een notament mat de Responsabele vum Centre de médiation civile et commerciale schwätzt.

Dat ass schued, well d'Résolution extrajudiciaire des litiges huet net nëmmen am Fong an deem Sënn eng mercantile Dimensioun, well se e bessere Bannemaart erméiglecht, mä se huet och natierlech, géif ech soen, eng mënschlech an eng relationell Dimensioun, well haauptsächlech an matière commerciale se et erméiglecht, fir Streidegeete bäizeleeën, haauptsächlech wann et ëm kleng Litigé geet tëschent Konsumenten a Commerçanten, ouni d'Relatioun op d'Spill ze setzen.

Wa mer iwwert dee REL do schwätzen, da muss ee sech froen: Wat ass dat, dee Règlement extrajudiciaire des litiges? An dann, an dat hu mer och an der Kommissioun festgestallt, wéi mer driwwer geschwat hunn, da stellt ee fest, dass dee ganz verschidden Degréen a verschiddenen, jo, verschidden Techniken huet. E begräift souwuel d'Médiatioun wéi och den Arbitrage, mä och d'Conciliatioun.

An an deem REL, mat deem mer et hei ze dinn hunn, schwätze mer am Fong éischer vun der Conciliatioun. Et geet hei ëm d'Léisung vum Sträit, déi proposéiert gëtt duerech eng drëtt, eng Schlichterstell, an déi de Konsument, och de Professionelle fräiwëlleg unhuele kann.

Et kann een u sech soen, dass d'Conciliatioun précédéiert gëtt duerech d'Médiatioun. D'Médiatioun gëtt am Gesetz définéiert duerech den «processus structuré dans lequel deux ou plusieurs parties à un litige tentent volontairement par elles-mêmes de parvenir à un accord sur la résolution de leur litige avec l'aide d'un médiateur indépendant, impartial et compétent». An den Ennerscheed tëschent deenen zwee läit u sech an der Neutralitéit vun der Schlichterstell.

Et ass esou an der Mediatioun, dass een net dovunner ausgeet, dass de Mediateur eng Solutioun proposéiert. Et läit an der Technik vun der Mediatioun, dass e probéiert, tëschent deenen zwou Parteien ze vermëttelen an eben esou, duerech Techniken, déi der Mediatioun eege sinn, op eng Solutioun ze kommen.

Dat ass hei an deem REL, haupsächlech am REL en matière de consommation, ass dat anescht. An hei gesäit een, dass dee Mediateur oder déi Schlichterstell eng Fonctioun huet vu Proposition, dat heescht, si leet eng Solutioun op den Dësch, déi dann déi verschidde Parteien zu der Streidegeete kënnen op enger fräiwëlleger Basis - an dat ass och eng Charakteristik vun där Method, fir e Sträit bäizeleeën -, déi se kënnen, mä net mussen unhuelen.

Et gesäit een an där Diskussioun - a mir haten och eng Diskussioun notament iwwert de Caractère exécutoire vun deenen Décisiounen -, et gesäit een, dass u sech d'Grenzen tëschent deene verschiddenen Techniken, notament tëschent der Mediatioun an der Conciliatioun, net ganz kloer sinn. An do läit e Risque, iwwert dee mer och geschwat hunn, vu Konfusioun tëschent deene verschiddene Prozeduren. Doriwwer ware mer eis och ganz bewusst an der Kommissioun, dass et do kéint, wa mer net oppassen, bei de Consommateuren, bei de Leit dobaussen zu Konfusioun kommen.

An dofir ass et extrem wichteg - an dat ass eng Recommandatioun, déi mer am Rapport gemaach hunn -, dass de Ministère op de Wee geet, fir eng Broschür ze maachen, schnell, fir eng Broschür ze maachen, fir eng gewësse Vulgarisatioun do ze maachen, eng Opklärung, eng Opklärungsarbecht iwwert dat, wat dee Règlement extrajudiciaire des litiges en matière de consommation ass, wéi d'Leit Accès dozou hunn an ënner wat fir enge Konditiounen ee kann also dovunner Gebrauch maachen an a wat fir engem Domän.

Et ass och a verschiddenen Avisen, notament an deem vun der ALMA, gesot ginn, dass et net glécklech ass an deem Kontext, fir dee Service hei Service de médiation de la consommation ze nennen oder Mediateur de consommation ze nennen, dass ee besser gehat hätt, den Numm vun der Conciliatioun ze gebrauchen. Dee Choix ass schlussendlech net gemaach ginn. Mä dat weist awer och, dass een, mengen ech, hei muss Kloecheit schafen a soen, wat dat heisse wierklech ass.

Wat sinn d'Charakteristike vun deem REL an der Matière vun der Consommatioun?

Ech mengen, déi éischt, dat hunn ech scho gesot, en ass fräiwëlleg. Dat heescht, déi Solutioun, déi proposéiert gëtt, muss net ugeholl



ginn. A wat och wichteg ass, dat ass, dass d'Leit zu all Moment kënnen eng aner Méthode de résolution vun hirem Litige aschloen, dat heescht, à tout moment kënnen se viru Geriicht zéien. Mä si kënnen awer och e Mediateur uruffen, wa se dat wëllen.

Eng aner, ganz wichteg Charakteristik vun deem REL ass seng Gratuitéit. Et ass e Service, deem entweder gratis ass oder à coût très modique - dat ass esou am Gesetz verankert -, an insbesonnesch an der Matière vun der Consommation ass dat extrem wichteg!

Et ass jiddwerengem, mengen ech, kloer, dass een, wann een eng Krawatt bei der Botzfirma zerstiért kritt, dass een da keng Loscht huet, en Affekot ze mandatéieren, fir do ze prozesséieren. Dat si kleng Enjeuen, déi mussen op eng effikass a schnell Aart a Weis geléist ginn. An dofir ass hei de Coût modique vun där Prozedur oder d'Gratuitéit extrem wichteg. An ech mengen, dat ass och e Schlëssel, an dat gesäit och jiddwieren esou, dat gesäit een och an aneren europäeschen Texter, dat ass och e Schlëssel vum Succès vun deem REL.

Et muss een och ënnersträichen hei, dass dës Method net fir all Typ vu Rechtsstreidegkeete gëllt. Se gëllt en matière contractuelle, dat heescht, et muss schonn am Kontext vun engem Kontrakt, entweder engem Service-Kontrakt oder engem Contrat de vente, ob dat en Online-Kontrakt ass oder e Kontrakt an der reeller Économie ass, sinn. An et muss also eng Streidegkeet d'ordre contractuel virleien. Et sinn also weder Fäll vu Responsabilité délictuelle nach Fäll vu Responsabilité précontractuelle.

Am Beräich vun Online-Litigë muss ee soen, dass dee REL elo ab dem 6. Januar 2016 en fait effektiv ass an dass also hei eng gewëssen Urgence besteet, fir dat hei op d'Schinnen ze kréien, wat et also ëmsou méi wichteg mécht, dass ee schnell heiriwwer communiquéiert an de Leit seet, ënner wat fir engen Émstänn an a wat fir enge Circonstancë se hei kënnen dovunner profitéieren.

Et muss een och soen, dass souwuel Résidenté wéi Nétrésidenten dat hei kënnen évidemment benotzen, Résidenten an Nétrésidenten an hire Litigë mat Lëtzeburger Professionellen. Wat Litigen am Ausland ugeet, do gëtt et eng Ulafstell, déi „Centre européen de la consommation - Luxembourg“ heescht, déi, mengen ech, um Kierchbierg sëtzt, déi et och scho säit enger längerer Zäit gëtt. An dës „Centre européen de la consommation - Luxembourg“ ass déi Ulafstell, déi den auslännesche Consommateure kann hëllefen, zu Lëtzebuerg e REL ze fannen, mä awer och de Lëtzeburger, déi e Problem hu mat engem auslännesche Professionellen, kann hëllefe bei der Schlichtung vun hirer Streidegkeet.

Mir haten eng Diskussioun an der Kommissioun iwwer ee vun den Avisen, dee vun der Union Luxembourgeoise des Consommateurs, déi gefaart huet, dass de Fait, dass mer dee CEC-L do géifen och als Ulafstell fir national Streidegkeeten asetzen, dat heescht, fir Informatiounen ze kréien och iwwer national RELen an national Litigen, dass do kéint eng Iwwerschneidung stattfannen tëschent de Kompetenze vun deem Organismus an nationale RELen, déi et scho gëtt. Op déi kommen ech elo an enger Minutt ze schwätzen.

An deem Kontext muss ee soen, dass dee Risque net besteet, well et hei ganz kloer zwou verschidde Kompetenze gëtt. An dass och de CEC-L keng Velléitëten huet, fir do iwwer seng normal Attributiounen erauszegoen. Also dee CEC-L ka just informéieren, e kann awer keng lokal Affären, soen ech elo emol, selwer behandelen.

Déi zweet Fro, déi sech stellt am Kontext vun deem Projet de loi, ass d'Fro, wien dann elo schlussendlech dee Règlement extrajudiciaire des litiges do mécht. Mir wëssen, dass d'Länner an der EU d'Flicht hunn, fir esou Schlichtungsstellen anzeféieren an hirem nationale Recht, déi verschidde Qualitéitskritäre mussen erfëllen. Déi Kritären, dat ass engersäits d'Onofhängegkeet, d'Impartialitéit, Transparenz, Effikasitéit, Rapiditéit an eng gewëssen Équitéit. Dat sinn also déi Kritären, déi all déi RELen do mussen erfëllen.

An Dir wësst, dass et bei eis schonn eng ganz Rei esou Structure gëtt, déi där Règlements extrajudiciaires des litiges do maachen, déi elo scho fonctionnéieren. Et gëtt, ier ech op déi Kommerziell ze schwätze kommen, gëtt et natierlech den Ombudsmann, deem zoustänneg ass fir d'Différenden tëschent Bierger an Administratiounen.

Mä et gëtt och, en matière civile et commerciale, engersäits, an ech ziele se elo kuerz op: Et gëtt d'CSSF fir Streidegkeeten am Finanzberäich; et gëtt de Médiateur Assurance an de Commissariat aux Assurances am Beräich vun de Versécherungen; et gëtt den ILR fir alles, wat Telekom, Energie an d'Post ugeet; et gëtt d'FEGARLUX an d'ADAL an et gëtt och d'ULC fir eng ganz Rei Beräicher.

Et gëtt doriwwer eraus och de Centre de médiation civile et commerciale, dee vum Barreau, vum Collège médical, vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce agesat ginn ass.

An et bleift ze gesinn, Här President, am Kader vun deem Gesetz, awéifern déi verschidden existent RELen och de Statut vun Entité qualifiée ënnert dem neie Gesetz ufroe wäerten. D'Konsequenz vun dëser Reconnaissance ass eng Reconnaissance européenne, dat heescht, dass een da kann a sech an Europa als esou e REL ugesi ginn.

Här President, ech hu keng Zäit méi, wann ech dat richtig gesinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir gesitt dat ganz richtig.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*), *rapporteur*.- Gutt.

(*Hilarité*)

Da kommen ech zu engem...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann Der et selwer sot.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*), *rapporteur*.- Da kommen ech och scho bal zu mengem Schluss. Just nach, fir ganz kuerz op e puer Diskussiounen hinzewiesen, déi mer haten an der Kommissioun, an eisen Travaux parlementaires.

D'Haaptdiskussioun war en fait déi iwwert d'Struktur vum Service de médiation, deem d'Regierung elo asetzt. Do war gefaart gi vum Statsrot, an do war och eng Opposition formelle ausgeschwat ginn, dass dee Service net déi néideg Impartialitéit an och net déi néideg Onofhängegkeet hätt, well e misst heiansdo iwwer Litigë mat Statsbetreiber sech prononcieren oder mat Entreprises, wou de Stat eng Participatioun dran huet.

D'Beispill vun der Post ass bruecht ginn, wou da gesot ginn ass, wann dee Service do am Ministère de l'Économie sëtzt oder soss iergendwou bei enger Administratioun, da sinn déi Leit net impartial. An dofir ass dunn décidéiert ginn, fir nom Modell vum Médiateur de la Santé en eegestännege Service ze maachen, deem eben déi néideg Mëttel huet an och déi néideg strukturell Onofhängegkeet, fir eben dann dat en toute indépendance kënnen esou ze maachen.

Voilà! Ech mengen, dat war déi Haaptdiskussioun, déi mer haten am Kader vun deene verschiddenen Avisen. Ech ginn elo net méi an op déi verschidden Antécédents, déi kënnt Der am schrëftleche Rapport noliesen.

Ech géif ofschléissend nach gären de Kolleegen aus der Ekonomieskommissioun Merci soe fir d'Zesummenaarbecht an deem Dossier. Ech géif och gären de Leit aus dem Wirtschaftsministerium Merci soe fir hir Aarbecht an natierlech dem Minister vun der Wirtschaft och an deem Dossier.

Dat gesot, géif ech natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun abringen an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Fayot, wou ech awer wëllt soen, dass en, vu dass en och fir seng Fraktioun den Accord bruecht huet, kee schlecht Gewësse brauch ze hunn. An ech géif dann d'Wuert direkt un den Här Gloden weiderginn.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (*CSV*).- Merci, Här President. Erlaabt mer fir d'Éischt dem Rapporteur Franz Fayot Merci ze soe fir de schrëftlechen an och de mëndleche Rapport souwéi och de Mataarbechter vum Ministère de l'Économie. Ech mengen, dat hei ass en technesch Dossier, deem eis iwwer eng Zäitche beschäftegt huet.

Mat deem Projet de loi solle mer also d'Direktiv 2013/11 iwwert d'Règlements extrajudiciaires vu Sträitfäll en matière de consommation an eis national Legislatioun ëmsetzen. D'Direktiv hätt am Fong misse bis den 9. Juli 2015 ëmgesat ginn. Mir sinn also e bëssen en retard. Mä wa mer dat elo haut stëmmen, si mer gutt.

Zu Lëtzebuerg ass de Règlement extrajudiciaire am Fong net esou an de Mœurs verankert. D'Leit hunn net esou den Zoch, fir d'Litigen hors justice ze regléieren. Laut Flash Eurobarometer Nummer 385 iwwer „La justice dans l'Union européenne“, deem am November

2013 publizéiert ginn ass, hu 77% vun de Leit, déi geäntwert hunn, zu Lëtzebuerg Vertrauen an d'Justiz, wouhigéint d'europäesch Moyenne vum Vertrauen an d'Justiz nëmme bei 53% läit. 46% vun den interviewte Leit sinn awer d'accord, fir, wa se e Konflikt hunn en matière de consommation, iwwer e Mediateur oder iwwer eng alternativ Prozedur ze fueren.

Et ass elo net esou, dass zu Lëtzebuerg zurzäit keng Méiglechkeet géif bestoen, fir e Litige de façon extrajudiciaire ze léisen. A munche Secteure gëtt et Entités extrajudiciaires, esou wéi bei der CSSF, beim ILR, bei der FEGARLUX, bei der ADAL. D'ULC huet och eng Rei Strukturen, wéi zum Beispill, wann e Consommateur Problemer huet mat enger Agence de voyages, wann en eng Vakanz gebucht huet an zum Beispill do net zefridde war.

4.726 Dossiere sinn 2014 bei der ULC opgemaach ginn, dovunner 920 eleng am Secteur vum Bau! 702 Dossiere si clôturéiert ginn 2014 vun der CSSF. Ongeféier 20 Dossiere ginn all Joer vum Centre de médiation traitéiert. 12 bis 15 Fäll gi vun der Commission luxembourgeoise des litiges de voyages analyséiert. An ongeféier 100 Requêtes ginn am Joer era beim ILR.

Derniewent gëtt et dann och de Centre de médiation civile et commerciale. Iwwert d'Médiation civile et commerciale hu mer jo an deem Haus d'Gesetz vum 24. Februar 2012 gestëmmt, wou ech deemools Rapporteur war. An deem Gesetz vun 2012 gëtt den Ënnerscheed gemaach tëschent Médiateur agréé an net agréé. Wa mer am strikte Kontext vun enger Mediation sinn, da gëtt eng Sentence vum Mediateur geholl, eng Décisioun, an déi kann duerch d'Geriicht homologéiert ginn. An dës Décisioun kann och Force exécutoire kréien.

An dat ass de groussen Ënnerscheed zu deem Projet, mat deem mer eis haut beschäftegen, well ënnert dem Gesetz vun 2012 ass dann d'final Décisioun à valeur égale mat engem Jugement. D'Dispositiounen, ech erënneren drun, vun der Mediation si jo och an de Code de procédure civile inséiert ginn.

Här President, zum Projet vun haut, deem applizéiert sech fir d'Éischt op d'Litigen tëschent engem Consommateur, deem hei zu Lëtzebuerg wunnt, an engem Professionellen, deem hei zu Lëtzebuerg ass, an op Litigen tëschent engem Consommateur aus engem aneren État membre vun der Europäescher Union souwéi engem Professionellen, deem hei zu Lëtzebuerg sech niddergelooss huet. Lëtzebuerg huet d'Optioun gezunn, fir datt och e Professionelle kann eng Demande fir eng Procédure de résolution judiciaire maache bei de sougenannten Entités qualifiées.

Zum Champ d'application matériel. Et kann een nëmmen dës Wee goen, wann de Litige sech op e Kontrakt bezitt, sief et e Contrat de vente oder e Contrat de service. Streidereie betreffend précontractuel oder post-contractuel Obligatione sinn ausgeschloss. Mir sinn eis eens, datt et en droit net ëmmer esou einfach ass, ze definéieren, wat dann elo précontractuel, contractuel oder post-contractuel ass. E klasescht Beispill ass: Wann de bestallten Auto net esou geliwwert ginn ass, wéi e bestallt ginn ass, kann de Consommateur also eng Procédure de règlement extrajudiciaire déclenchéieren. Och sinn esouwuel Kontrakter en ligne wéi hors ligne viséiert.

D'Dispositiounen vun deem Gesetz ginn an de Code de la consommation inséiert. D'Gesetz stellt eng Hierarchie tëschent deene verschiddene Règlements extrajudiciaires op. Uewe stinn déi sougenannten Entités qualifiées. Fir Entité qualifiée kënnen ze ginn, muss een eng Rei Konditiounen erfëllen, wéi se am Gesetz festgeluecht ginn.

Derniewent gëtt et eng sougenannten Entité résiduelle. Dat ass de Service national des médiateurs de la consommation, mat engem Médiateur de la consommation, dee beim Wirtschaftsministerium ugesidelt gëtt.

Drëttens gëtt et dann nach de Centre européen des consommateurs, wat e Groupement d'intérêt économique ass, deem och Member vun dem Réseau européen ass, dee mat der Europäescher Kommission zesummeschafft. Dës Centre européen huet als Missioun, d'Consommateuren ze informéieren, u wie se sech kënnen wenden, wa se e Sträitfall mat engem Professionellen en matière de consommation hunn.

Fir eng Entité qualifiée kënnen ze ginn, muss een eng Rei Konditiounen erfëllen. Et muss een zum Beispill eng Rei Informatiounen op den Internetsite setzen, datt de Consommateur weess, wéi en esou eng Entitéit ka saiséieren a wéi d'Prozedur ofleeft. Et muss een natierlech, an de Rapporteur huet et gesot, impartial an indépendant sinn a selbstverständlech kompetent sinn an där Matière, fir déi de Consommateur dann déi Entitéit saiséiert.

Besonnesch wichteg ass, datt d'Parteie mussen informéiert ginn, datt déi proposéiert Solutione kënnen akzeptéiert, awer och refuséiert ginn. Eng wichteg Informatioun ass dann och nach, datt, wann een d'Procédure extrajudiciaire wíelt, dat net ausschléisst, datt ee kann op d'Geriicht goen.

Et ass ausgeschloss ginn, datt eng Expertise während der Prozedur kann ordonnéiert ginn, fir ze évitéieren, datt d'Procédure de règlement extrajudiciaire ze laang dauert, well dat soll jo am Fong ee vun den Haaptavantages si par rapport zu enger Procédure judiciaire. Hei muss een elo Erfahrungswärter sammelen a kucken, ob dat déi richteg Décisioun war.

Ze ënnersträichen ass och, datt all d'Dokumente, déi am Kader vun enger Prozedur ausgeschafft gi sinn oder am Kader vun der Prozedur notifizéiert gi sinn, confidentiel sinn, soudatt och de Schlichter net ka viru Geriicht aussoen, wann deeselwechte Litige viru Geriicht ausgedroe géif ginn.

Ech hat et virdru gesot, de Médiateur de la consommation gëtt beim Ministère de l'Économie ugesidelt. D'ULC huet dës Approche kritiséiert. D'ULC hat e Groupement d'intérêt économique virgeschloen tëschent dem Stat, der ULC an der UEL. Aus finanzielle Grënn gouf dës Méiglechkeet net zréckbehalen.

Betreffend d'Onofhängegkeet hate mer och eng Rei Diskussiounen opgrond vun den Avisen vum Statsrot - de Rapporteur ass op dës Diskussioun agangen - a mir hu schlussendlech kënnen eng Solution fannen.

De Médiateur de la consommation huet eng subsidiaresch Kompetenz. Wat heescht dat, Här President? Mä dat heescht: Wann eng Entité qualifiée net saiséiert ka ginn, muss de Médiateur de la consommation, wann d'Parteien dat wëllen, de Litige unhuelen an eng Solution vorschloen. Dës Service ass och gratis.

Här President, Dir hutt et héieren, et gëtt eng ganz Rei Méiglechkeete fir e Consommateur, ausserhalb vun der Justiz eng Solution ze fanne mat engem Professionellen, wann dann e Sträitfall virläit. Hei muss séchergestallt ginn, datt de Consommateur sech an där ganzer Pannologie erëmfënnt. Well, wann et fir de Consommateur méi schwéier ass, fir ze wëssen, wou en dann elo muss higoen, wann en net wëllt bei d'Justiz goen, ass natierlech d'Schlussfolgerung, datt een da léiwer bei een Tribunal geet wéi bei e Mediateur oder bei eng Entité de règlement extrajudiciaire.

Hei muss elo eng grouss Informatiounscampagne gestart ginn an et mussen och Erfahrungswärter gesammelt ginn, fir de Bilan no enger Rei Joren ze maachen, wéi dat och an der Direktiv ënnert dem Artikel 26 virgesinn ass. Hei steet, datt spéitstens den 9. Juli 2019, an duerno all véier Joer, d'Kommissioun an d'Europäescht Parlament dem Conseil an dem Comité économique et social e Rapport iwwert d'Applikatioun vun der Direktiv erareeche mussen.

Zum Schluss, Här President, ginn ech dann den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An da ginn ech d'Wuert der Madamm Simone Beissel.

► **Mme Simone Beissel** (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt och mäin härezeche Merci un de Rapporteur Franz Fayot fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an deem dach schwierigen Text, deem op enger schwieriger Direktiv berout. An dofir, well hie schonn esou vill technesch Detailer ginn huet, kann ech mer dat erspueren.

Här President, mir sinn all Konsumenten - dat ass jo eng Vérité de La Palice -, gëtt mer awer d'Méiglechkeet, fir lech ze soen, dass ech mech freeën, dass endlech en europäesche Kader geschaf ginn ass fir de Règlement extrajudiciaire des litiges de la consommation, fir de Konsumenten ebe just op deem Gebitt den „level playing field“ unzebidden.

D'Ëmsetze vun dëser Direktiv erlaabt et och, fir eben d'Exigence vu Kompetenz, Impartialitéit, Transparenz an Onofhängegkeet hei ze schafen. A well d'Méiglechkeet ass, dass mer dat kënnen evaluéieren no enger Zäit, wann do Incongruitäten oder Defizienze sinn, dann erlaabt déi Evaluatioun relativ schnell, fir déi aus der Welt ze schafen.

Här President, dës Regierung huet sech de Konsumenteschutz, méi eng Verbesserung vum Konsumenteschutz grouss op de Fändel geschriwwen. An dofir kënnt dat Gesetz zupass, well mat deem Gesetz gëtt de Konsumenteschutz wierklech moderniséiert, verbreedert.

Wat bréngt dat elo konkret fir de Konsument?

Wann een elo kuckt, wat de State of play de Moment ass, ass et Folgendes: Gëtt e Keefer



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

vun engem Verkeefer beduckst, dat heescht, e fillt sech léseiert, da reklaméiert en. Dat ass dat Normalst vun der Welt. Wann de Verkeefer awer elo net mat op de Wee geet, dass en der Reklamatioun recht gëtt, dann huet een d'Méiglechkeet, entweder op d'Gericht ze goen oder awer et kann een eng Mediation ufroen, awer mat där heuteger Restriktion, dass d'Mediation ëmmer nëmme méiglech ass an engem Secteur, wou de Verkeefer operéiert, an dass an deem Secteur eng Mediation besteet.

Mir sinn hei zu Lëtzebuerg net an engem Neiland, meng Virriedner hunn et gesot, mir hu schonn eng jett Organer, déi de Moment Mediation ubidden. Ech soen et nach eng Kéier, well et ass wichteg, dass d'Leit dobaussen et nach eng Kéier alleguete gesot kréien: d'CSSF, alles, wat d'Banken- an d'Finanzwelt ugeet; den ILR, alles, wat Telekommunikation, Energie a Postservicer ubelaangt; d'FEGARLUX an d'ADAL, déi zoustänneg si fir alles, wat d'Garagisten ubelaangt. Dann d'ULC mat engem ganz breet gefächerten Domän, awer och ganz vill Saache vu Reesen an Assurancen, déi och ville Leit um Häerz leien, déi sech dorëms bekëmmert. An dann, wéi gesot, de Centre de médiation civile et commerciale, CMCC, dee jo an d'Liewe geruff ginn ass vun esou enger Joint Venture tëschent dem Ordre des Avocats, der Chambre de Commerce, der Chambre des Méti-ers an dem Collège médical.

Falls awer de Konsument et elo mat engem Verkeefer ze dinn huet, deem net an deem Secteur do operativ ass, dann hat bis dato de Konsument Pech! Dat heescht, en huet d'Méiglechkeet, fir op d'Gericht ze goen. Dat soll elo hei mat dësem Gesetz geännert ginn. Effektiv schafe mer elo e Médiateur de la consommation, deem, wéi gesot, dem Wirtschaftsminister ënnerstellt gëtt an dee fir alles zoustänneg ass, wat momentan vun de besteende Mediationsorganer net ofgedeckt ass. Dat heescht, an Zukunft, wann e Litige ass, deem op engem Kontrakt berout - wat jo ëmmer de Fall ass, wann e Keefer, Verkeefer oder aner Servicer, déi kontraktuell sinn -, huet all Konsument d'Méiglechkeet, fir elo bei de Mediateur ze goen a säi Problem ze exposéieren, fir eben eng Ongerechtegkeet aus dem Wee ze schafen.

Wat ass dann elo d'Plus-value vun deem Règlement extrajudiciaire?

Momentan ass et esou a mir wëssen dat, dass, wa mer Prozesser maachen, da sinn ëmmer zwee Facteuren, déi schwierig sinn an déi géint de Konsument schaffen. Dat éischt ass de Facteur Zäit. Et gëtt eng Etüd vum Europäesche Parlament, déi huet bewisen - eng Etüd, déi och Lëtzebuerg mat aschleisst -, dass, wann eng Mediation gemaach gëtt, et d'Méiglechkeet gëtt, an enger Moyenne vu 40 Deeg eng Léisung ze fannen. Wann een elo d'Prozesser kuckt, da läit d'Moyenne, deemno ëm wat et geet, bei 320 Deeg! Dat ass dee Facteur.

Den zweete Facteur, dee mer all kennen, dat sinn d'Käschten. Affekotekäschten, dat ass gewosst, mä d'Prozesser, déi kaschten och. An déi zwee Facteuren, déi sinn heiansdo dissuasif fir de Konsument, deemno ëm wat et geet op dee Wee vun dem Gericht ze goen. Dofir ass et extrem gutt, an dat gëtt elo geännert, wann dee Service vun dem Médiateur de la consommation gegrënnt gëtt, geschaf gëtt. An, wéi et elo schonn hei ugeklongen ass - extrem wichtig! -, dee soll kënnen de Leit gratis oder quasi gratis, à prix modique ugebuede ginn.

Da spillt u sech d'Finanzlag vun de Konsumenten an och d'Zomm vun deem, ëm wat et geet. De Franz Fayot huet virdu geschwat vun

enger Krawatt. Et geet ganz oft hei ëm de Prinzip! Well momentan ass et esou, well déi Käschten esou héich sinn, dass d'Leit éischter déi Ongerechtegkeet erofschlécken a frustréiert sinn, well se einfach soen, et ass sans relation, wat de Käschtpunkt ass, wann ee wëilt eng Operatioun do maachen, fir eben e bësselche méi Équitéit ze kréien. Mat deem neie System wäerte mer dat scho fäerdegkréien.

Wat wichteg ass, dat ass dann och, dass dee Règlement extrajudiciaire u sech fir béid Säite spillt! Mir hunn eis elo hei op d'Säit vum Konsument gestallt, well dat jo ëmmer de Souci ass vun all Mënsch, fir de Konsument ze schützen. Mä mat deem Règlement extrajudiciaire kann och de Verkeefer dovun profitéieren, well finalement muss hien och Affekotekäschten a Prozesskäschte bezuelen, sollt d'Saach op d'Gericht kommen.

Also, a mir sinn eis alleguerten eens heibannen, ass dee Règlement extrajudiciaire des litiges de la consommation eng gutt Saach!

Et gëtt awer, wéi ganz oft, och bei deem beschten Text zwee Bémol. Et geet nämlech nëmmen - fir dass mer hei en uerdentlecht Resultat kréien, dat ass och schonn ugeklongen -, wann d'Parteien, mä haaptsächlech de Konsument hei gutt informéiert gëtt, dass et elo en neie System gëtt, dass en, wann en esou e Litige huet mat engem Professionellen, mat engem Verkeefer, ebe just d'Méiglechkeet huet, fir op de Règlement extrajudiciaire zrëckzegräifen.

Dat ass u sech dat, wat muss klappen. Well mir haten och vill Diskussiounen an der Kommission doriwwer: Dee beschten Text bleift Lettre morte, wann en net richtig communiquéiert gëtt, wann d'Leit net wëssen, wat se kënnen domat ufänken.

A vu dass dat hei esou e komplizéierten Text ass, a fir dass d'Konsumenten haaptsächlech, déi jo awer ganz oft défavoriséiert si vis-à-vis vun de Professionelle vum Secteur, op eemol net vu lauter Beem de Bësch net méi gesinn, ass wierklech d'Informationscampagne, déi hei ambitiéis soll sinn, déi awer soll mat einfache Wieder de Leit dat do, dee komplizéierten Text, erklären, den Alpha an den Omega vun dem Succès vun dësem Text.

Derbäi kënnt, wat och ganz wichteg ass, net nëmmen, dass d'Lëtzebuenger gär reesen, mä d'Lëtzebuenger mat deem System, wat och elo online fonctionnéiert, wat jo ëmmer méi modern gëtt, kafen och ganz vill Saachen, net nëmmen hei, mä och vu Verkeefer an engem anere Land. An do si ganz vill Konsumenten da skeptesch, well ganz oft kenne se d'Gesetzgebung vun deem Land net, si wëssen net, wou de Siège ass vun deem Verkeefer, dat heescht, si si schonn ipso facto ëmmer an enger ënnergeuerdener Positioun a fille sech dee Moment net wuel.

Dat ass extrem wichteg, dass deem neie Règlement extrajudiciaire mat deem neie Médiateur de la consommation eben d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Information esou ze maachen, dass de Konsument sougutt am Inland wéi och am Ausland d'Méiglechkeet huet, fir e Règlement extrajudiciaire unzefroen, fir all d'Informationen ze kréien, déi en do brauch.

Also, éischte Bémol, éischt Erausforderung: extra gutt Information.

Zweete Bémol: Dat ass, mir hu jo hei gesinn, dass mer dëse Projet de loi opgrond vun enger europäescher Direktiv huelen. Déi europäesch Direktiv ass ronderëm e ganze Réseau vun ebe just de Mediationszentren, och am Ausland. Mä dat alles och bréngt kee positivt Resultat, wann hei zu Lëtzebuerg de Konsument net weess, wéi dee Réseau am Ausland fonctionnéiert, wéi den europäesche Réseau fonction-

néiert. Dofir ass et wichteg, dass en och do Informatione kritt, net nëmmen iwwer seng Rechter, fir e Lëtzebuenger Règlement extrajudiciaire ze kréien, mä och, fir am Ausland ze kucken, wéi en dat ka maachen, fir do Hëllef ze kréien.

De Service national du médiateur de la consommation huet do och en zweeten Défi, fir ze kucken, fir ebe just déi europäesch Réseauen dem Konsument beschtméiglech ze explizéieren, fir dass eng bestëmmten Équitéit europawäit kann hei duerchgesat ginn.

Dir wësst alleguerten, wann een e Problem huet an et rífft een op eng Déngschtschell un, egal op wat fir engem Niveau se ass, an dann huet ee säi komplizéierte Problem erkläert, wéi frustrant et ass, dass, wann ee fäerdeg ass, dann eng gentil Stëmm seet: „Ee Moment, ech wäert lech mat där zoustänneger Persoun verbannen.“ A wann een dann op där zweeter an op där drëtter Plaz ass, dann huet een déi drëtze Kéier schonn iwwerhaupt keng Loscht méi, fir säi Problem iwwerhaupt nach eng Kéier ze explizéieren.

Dofir schonn eleng ass et extrem wichteg, dass déi Information hei beschtméiglech gemaach gëtt, dass eben d'Konsumente richtig informéiert ginn an och op déi richtig Entité de médiation direkt weidergeleet ginn, well soss verléiere se Zäit, a wa se Zäit verléieren, da gi se frustréiert, da gi se enttäuscht, si verléieren d'Vetrauen an de Commerce an d'Commerçanten. An Dir wësst, wann een dat awer kann duerch e Règlement extrajudiciaire regelen, dat ass och am Interessu vum Handel en général, well dat spillt jo no deenen zwou Säiten.

Mir hunn eis et schonn iwwerluecht, ob et net géif Sënn maachen, dass een eng eenzeg Ulafstell géif maachen, esou e Guichet, wat mer jo schonn hunn, guichet.lu général, ob mer net géifen am Kader vun engem guichet.lu général och nach e Guichet luxembourgeois de la consommation maachen, wou ee kéint direkt d'Leit op déi richtig Stell virweisen, soudass ee géif Zäit dee Moment spueren.

Wéi gesot, dat sinn alles esou Ureegungen, déi mer dem Här Minister wëlle mat op de Wee ginn, fir dass mer dat flott Instrument hei esou schnell wéi méiglech kënnen populär maachen an dass et ka gräifen.

Mir haten och nach Diskussiounen an der Kommission, fir ze wëssen, ob déi besteeënd Mediationsorganer dann herno alleguete mussen zu Bréssel gemellt ginn. Dat si ganz technesch Aspekter vun deem Text. Dat ass zwar wichteg en général, mä dat ass net wichteg fir de Konsument. De Konsument, deem interesséiert et, dass e schnell an effikass gehéiert gëtt, ob déi Organer zu Bréssel gemellt sinn oder net. Ech hu Konfienz an d'Regierung, dass se dee Moment hir Responsabilitéit hält, fir ze wëssen, ob se déi Organer do mell, fir dass d'Lëtzebuenger Mediationszentren awer trotzdem an den europäesche Réseau erakommen.

Eis geet et haaptsächlech drëm - an ech mengen, dat ass den Interessu vun all Mënsch, deem heibannen ass -, fir dass mer dee Règlement extrajudiciaire op d'Bee kréien, dass en eng effikass Hëllef ass fir de Konsument.

Ech hu geschwat vun Information. Ech mengen, et ass scho vun de Virriedner ugefuert ginn. Duerch de Fait, dass den Text esou komplizéiert ass, géif ech wierklech un den Här Minister e waarmen Appell maachen, dass mer eng Brochure de vulgarisation maachen, esou schnell wéi méiglech, well déi ass am Interessu sougutt vun de Konsumente wéi vun de Professionelle selwer.

Elo nach e puer Remarquen zum Mediateur. Mir sinn hei u sech an engem extrae Gebitt. Mir schafen hei e Mediateur. E Mediateur soll vun der Essenz selwer u sech d'Leit zesummebréngen, fir eng Léisung ze fannen. Hei, wann een den Text genau liest - a meng Virriedner hunn dat och scho gesot -, geet et u sech méi wäit, well wann de Mediateur eng Léisung proposéiert, gëtt den Aspect conciliateur bei den Aspect médiateur gesat an et ass u sech e Conciliateur. Dat geet e Schratt méi wäit.

Dat sinn och erëm eng Kéier technesch Spille-rien, déi u sech net wichteg sinn an den Ausféierungen, mä et ass awer fir de Konsument wichteg, dass en eng Léisung kritt. An dofir sinn ech och frou, dass mer an der Ekonomieskommission trotzdem den Term vun Médiateur de la consommation bäibehalen hunn, well dat en Term ass, deem de Leit dobausse vill méi geleeft ass, wéi dass mer vu Conciliateur schwätzen, wat d'Leit haaptsächlech kennen aus dem Aarbechtsrecht a wat hinnen net esou geleeft ass an dem Secteur vun der Consommation.

Här President, zum Schluss wëll ech nach eng Kéier behaapten, dass fir mech deem Text extrem wichteg ass. Mir maachen hei e grouse Schratt virun, fir ebe just den Accès zu den extrajudiciairé Léisunge vun de Konflikter de

Konsumenten ze bidden, hiert Vertrauen ze stäerken, de System méi schnell accessibel a manner deier ze maachen, e grouse Schratt a Saache Konsumenteschutz. An dofir bréngen ech och mat Freed den Accord vun der DP zu dësem Text.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Beissel. An nächsten age-schriwwene Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet hei ëm de Projet de loi 6769 an de Règlement extrajudiciaire des litiges de la consommation. Fir d'Éischt e grouse Merci un de Rapporteur, de Franz Fayot, fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht, dee ganz, ganz ausféierlech ass.

(Interruption)

Franz Fayot, hat ech gesot, okay. E grouse Merci awer och - Franz Fayot, entschëllegt! -, och e grouse Mercj un d'Mataarbechterinne vum Ministère de l'Économie, un d'Madamm Ries an d'Madamm Thill, déi wierklech an dësem Dossier an och an dëser Kommission - et waren eng Partie Sätzungen - déi noutwendeg Ausdauer an och Kompetenz haten, fir eis duerch deem e bësse méi därege Dossier ze féieren, fir och d'Bedenke vum Statsrot kënnen mat ze behiwen an auszeräumen.

Ech wäert dann och elo déi Iddi vu menger Virriednerin direkt opgräifen a mech zwar am Ganze relativ kuerzfaassen, an zwar mat der Vulgarisation ufänken. An zwar sinn ech den éischten Netjurist, deem hei dann op der Tribün wäert elo eppes zu dësem Projet de loi soen, an domat maachen ech schonn eppes, wat, ech mengen, no bausse wäert hoffentlech relativ verständlech sinn.

Ëm wat geet et? Et geet ganz einfach ëm Folgendes: Wann ech hei als Konsument zu Lëtzebuerg wunnen a mat engem Produzent hei zu Lëtzebuerg e Kontrakt aginn, da kann ech, wann e Litige, wann also e Mëssel virläit, eng Onstëmmegkeet virläit, eng Ulafstell uschwätzen, déi elo neierdëngs gratis respektiv zu Prix modiques mir zur Verfügung steet, fir zu mengem Recht ze kommen.

Datselwecht gëllt awer och, wann ech elo net hei zu Lëtzebuerg wunnen an eben dee Produzent vun deene Produkter, vun deem Service hei zu Lëtzebuerg wunnt, da kann ech dëselwecht Ulafstell hei usteieren.

Et geet also drëm, en héijen Niveau vu Schutz vun de Rechter vum Konsument zu Lëtzebuerg hei anzeféieren. An dat läit eis, mengen ech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, alleguerten um Häerz, an do gitt Der mer bestëmmt recht.

D'Ufuorderungen un esou eng Ulafstell mussen natierlech déi si vun enger Onofhängegkeet, si mussen onparteiesch sinn, si sollen transparent schaffen, effikass an, virdrun ass et scho gesot ginn, si sollen och schnell de Konsument zu sengem Recht féieren a sollen och natierlech zu enger gerechter Léisung kommen, am Sënn vum Schutz vum Konsument.

Ech fannen et och bemierkenswäert, dass all meng Virriedner, déi jo dann Affekote sinn an e juristeschen Hannergrond hunn, deem ech eben net hunn, awer och domat averstane sinn, dass mer musse probéieren, an dëse Fäll de Wee iwwer aussergerichtlech Moyenen ze fannen, fir u sech de Konsument ze schützen a virun deenen héije Käschten och ze bewahren, respektiv en net ganz einfach säin lenger schlécken ze loossen, well en ebe seet: „Dat war awer elo nëmmen eppes Klenges, wat ech bestallt hunn, ee Service, deem ech do geuerdert hunn. Ech krut en net, en ass net an där Form ukomm, wéi ech e gär gehat hätt. Da loossen ech et einfach dobäi sinn an ech wäert einfach net méi bei deem bestellen!“ Ganz dacks an der Praxis ass dat de Wee, wéi de Konsument säin lenger op d'Säit leet, an dat soll u sech geännert ginn.

Natierlech hu mer e ganze Bestand vun esou Ulafstellen - se si virdrun scho genannt ginn, ech wäert se och net alleguerten nach eng Kéier opzielen -, déi am Fall vun engem Litige weiderhëllefen. Et wäert och an Zukunft esou sinn, dass déijéineg Ulafstellen, déi schonn do sinn - ech denken un de Konsumenteschutz, fir awer een ze nennen -, dass dës Entitéiten och kënnen an deem gesamte Pak mat erakommen an zwar Entités qualifiéen ginn, wa se déi noutwendeg Bedéngungen dann erfüllen. An nëmmen am Fall, wou mer déi Entité qualifiée net hunn, da spillt dee Service, deem neie Service, deem hei geschafe gëtt, fir u sech dem Bierger zu sengem Recht ze verhëllefen.



Ech mengen, an Zukunft gëtt also de Konsument mat dësem Projet de loi gestärkt, seng Rechter wäerte geltend gemaach ginn, ouni kostspilleg Prozeduren iwwert d'Gericht. Dee gratis Service respektiv Service à prix modique ass sécherlech dee richtege Wee, fir dat ze erreechen.

An ech ginn och menger Virriednerin méi wéi recht, dass de Konsument no baussen eng Informatioun brauch, wéi en dann elo zu sengem Recht ka kommen, wat déi verschidde Méiglechkeete sinn, déi him do zur Verfügung stinn, wann hien u sech seng Suen an d'Ronn geworf huet an e Service geuerdert huet, e Produit bestallt huet an net zu deem kënnt, wat u sech an dem Kontrakt steet.

Ech mengen - an do kommen ech schonn zum Schluss -, deene Grénge läit de Konsumentenschutz um Häerz zu Lëtzebuerg. Dofir sti mir an. An ech ginn och duerfir gären d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Anzia. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Här Fayot, Dir hutt ganz recht: ADR ass eng wonnerbar Saach, d'„alternative dispute resolution“. Mir hunn hei ganz vill Argumenter héieren, firwat datt d'Mediatioun gutt, richtig a wichteg ass, besonnesch wa se gratis ass. Mir kënnen dat als ADR alles nëmme mat zwou Hänn ënnerschreien.

Allerdéngs gëtt hei esou gemaach, an dat ass dee falschen Androck, deen erwächt gëtt, wéi wann hei déi Saach géif erfionnt ginn. An do ginn ech op dem Léon Gloden an och dem Simone Beissel hir Opzielungen an, wat mer schonn alles hunn u Mediatioun hei am Land. An et deet mer leed, ech hunn, mä do kann ee mech enges Bessere beléieren, eigentlech näischt fonnt, wou et net schonn eppes gëtt. Well entweder et ass sektoriell wéi FEGARLUX, ILR, d'CSSF, oder et ass allgemeng wéi de Centre de médiation civile et commerciale.

Wat ass also wierklech de Méiwäert vun dësem Gesetz? Ech kann en, beim allerbeschte Wëllen, net erkennen! Et ass alt nees eng vun, a mengen Aen, relativ onsennege Direktiven, déi sech uneneereien, fir soi-disant e Marché unique opzebauen.

Ech ka mech gutt erënneren, eng vu mengen alleréischte Rieden hei am Haus war iwwert d'Hauséierdirektiv, wou mer deemools e gutt besteeënd Gesetz, nämlech dat: „Hauséieren ass verbueden.“, ersat hunn duerch e wesentlech manner gutt Gesetz, wat de Konsument wesentlech manner gutt schützt, nämlech et kann een eng Plaqueette dohinnerhänken: „Wann ech gelift, hauséiert net bei mir!“

Deemools huet den deemolegen Deputéierte Juncker gemengt: „Jo, mä mir waren domadder zu Bréissel d'accord.“ An ech mengen, do si mer am Kär vun der Diskussioun. Mir sinn hei an der Chamber a ganz vill Gesetzer - ech mengen, et huet eng Keier een eng Statistik genannt vun 80%, ech weess net, ob déi stëmmt, mä vun der Majoritéit vun de Gesetzer - verkomm zu enger Ofstëmmungsmaschinn vu Saachen, déi mir selwer net méi kënnen décidéieren. Eis Regierung, hir Beamten diskutéieren zu Bréissel mat net gewielte Bürokraten a leeën iergendwellech nei Regele fest.

An, jo, Här Zeimet, Dir hutt recht, dat ass ee vun de Punkten, déi d'ADR vun der CSV ënnerscheiden: Mir fannen net, datt dat en demokratesch System ass, wéi e sollt funktionéieren. Et wier en eiser Chamber, ze diskutéieren an ze décidéieren, wat fir eng Gesetzer datt mer wëllen hunn, an net u Bürokraten, fir mat engem Text ze kommen an eis ze soen: „Voilà, Dir musst dat elo ëmsetzen.“

An den Här Gloden, de Kollege Gloden, huet ganz richtig gesot: „Oh, mir hätten dat do scho missen ëmsetze fir de Juli 2015. Mä wa mer dat dann elo haut stëmmen, da leie mer awer nach gutt. Da si mer gutt Jongen, da kréie mer eng bonne Note.“

Mä Fakt ass jo awer, datt mer hei eis Hänn total gebonnen hunn. A wesentleche Punkte kënnen mer an eisem Gesetz op praktesch näischt méi awierken. Mir verkommen zu enger Ofstëmmungsmaschinn.

An dat ass genau de Grond, net well mer géint de Konsumentenschutz sinn, net well mer géint d'Mediatioun wieren, ganz am Konträr, mä well mer géint déi doten ondemokratesch Virgeensweis sinn an déi doten ondemokratesch Praktiken, datt meng Partei, meng Fraktioun wäert géint dësen Text stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Reding. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt meng generell Skepsis ausdrécken zu aussergerichtleche Verfahren, wa se eng Partie faible géintwuer vun enger Partie forte setzen, leenen awer net prinzipiell all Mediatioun oder all Arrangement, ouni iwwer Gerichter ze fueren, of.

D'Gerichter sinn historesch ageriicht ginn, fir Konflikter an der Gesellschaft ze léisen. D'Gerichter representéieren de Stat a Gerichter bidden och de Kader fir eng Gläichbehandlung vun de Parteien - wéinstens am Prinzip.

Speziell Gerichter kënnen souguer niewent Beruffsrichter och betrafte gesellschaftleche Gruppen als Assessoren erunzeien, zum Beispill Salariéen a Patrone bei Aarbechtsgerichter oder Assuréeen a Patrone bei Sozialgerichter oder emol, an enger gewëssener Zäit, déi scho wäit ewech ass, Propriétaires a Locatairë bei Bail- a Loyersgerichter.

Eng paritétesch Besetzung nientem engem Beruffsrichter wier eigentlech och an dëser Matière tëschent Commerçanten a Konsumenten theoretesch denkbar, awer wuel kaum, an dëser Zäit, duerchféierbar.

D'Grënn, Här President, firwat net gär vun de Leit op Gerichter zrëckgegraff gëtt, si bekannt: éischstens, well et ze laang dauere kann, vläicht well ze wéineg Riichter do sinn, vläicht awer och, well d'Affären an d'Längt gezu ginn, aus deene verschiddenste Grënn, op déi ech net hei wëll agoen.

Vill méi wichteg ass awer, zweetens, de Käschtepunkt vu Gerichtsprozesser, well, obschonn d'Gerichtsprozedur u sech, déi eigentlech Aarbecht vun de Riichter komplett gratis ass, sinn et d'Käschte vun de sougenannten „Hëllefskräften“, den Auxiliaires de justice, déi an d'Gewicht falen, dorënner virun allem verschidden Affekoten, déi, well et keng Barèmen zu Lëtzebuerg gëtt, sech heiansdo gären no den Tariffer vun der Finanzplaz ausrichten an duerfir onbezuelfar fir d'Leit ginn. De facto ass haut den Accès zur Justiz fir ganz vill Leit onerschwénglech ginn.

Hei kéint een natierlech nohëllefen, andeem een d'Assistance judiciaire wesentlech opbesert, mä dat géif natierlech och méi Steiere bedeite fir déi Leit, déi Suen hunn.

Och gräifen, drëttens, déi meescht Riichter, wëll ech awer och hei soen, meeschtens net op d'Méiglechkeet vun der Conciliatioun zrëck, eng Méiglechkeet, déi se awer hunn an déi souguer hir éischt gesetzlech Obligatioun ass, fir d'Parteien ze conciliéieren. An ech fannen, hei misst d'Gesetz vill méi applizéiert gi vun de Plaideuren an och vun de Gerichter selwer. An dat hätt par rapport zu dëser aussergerichtlecher Prozedur, déi mer aféieren, den Avantage vun der Legalitéit a vun der gerichtlecher Kontroll vun der Conciliatioun.

Véiertens wëll ech och hei soen, dass mir, och am Sënn vun enger Revalorisatioun vun de Gerichtsprozeduren, d'Fuerderung ënnerstëtze vun der Aféierung vun enger „class action“, dat heescht der Regruppéierung vun de Kloe vu verschiddene Konsumenten, déi vum selwechte Problem betraff sinn, wat haut net méiglech ass, wat et awer an den USA zum Beispill scho mat Erfolleg laang gëtt.

Dat géif et erméiglechen, verschidde Konsumenten, déi vun der Schiedlechkeet vun deemselwechte Produit betraff sinn, ze regruppéieren an enger Plainte, wat vill méi bëlle gëf ginn. Et gëtt dat an den USA, hunn ech gesot. Et ass och agefouert gi virun zwee Joer a Frankräich a just grad bei deene Prozesser, ëm déi et hei geet: ëm Prozesser tëschent Konsumenten a Produzenten oder Händler.

An ech stelle fest, ech hunn déi Berichter opmierksam gelies vun der zoustänneger Kommissioun, dass do d'Vertreider vun der Regierung deklaréiert hunn, et wier zwar dru geduecht ginn, fir esou eng Procédure collective eng Keier anzeféieren zu Lëtzebuerg, mä d'Regierung hätt de Moment aner Saachen ze dinn a vläicht géif se eng Keier eng Etüd doriwwer maachen. An dobäi mengen ech, dass dat eng ganz wichteg Saach elo scho wier.

Ech mengen awer, nodeem ech dat virausgeschéckt hunn, dass déi Direktiv hei net zum Zil huet, fir reell Problemer beim Zougang zu de Gerichter ze behiewen, mä au contraire eigentlech d'Tendenz huet, fir d'Gerichter ze évitéieren. D'Mediatioun ass iwwregens en angelsächsesche Mechanismus, deen op enger ganz anerer juristescher Traditioun berout wéi eis. D'Jurisprudenz huet do eng ganz aner Roll wéi hei. An hei kënnen iwwer Kloe bei Gerichter vill méi Saachen erreecht gi wéi zum

Beispill an England. Duerfir huet an England d'Mediatioun sech implantéiert, historesch gesinn, an ech mengen awer, dass se an eiser juristescher Traditioun net esou dréngend an noutwendeg wier, wat jo och beweist, dass se relativ wéineg zu Lëtzebuerg benotzt gëtt.

D'Direktiv seet iwwregens ganz kloer, ëm wat et hei geet. Et geet drëm, Ënnerscheeder beim Zrëckgräifen op d'Mediatioun tëschent de Länner ze behiewen, déi en Obstacle wiere beim Zougang zum fräie Maart fir d'Betriber. Wann d'Betriber net iwwerall déiselwecht Bedéngunge fannen, wéi zum Beispill liicht zrëckgräifen ze kënnen op d'Mediatioun, dann hu se e Problem vu fräier Zirkulatioun. Dat ass d'Erklärung, déi d'Direktiv selwer gëtt.

An ech wëll do den Här Gloden zitieren, de Rapporteur vun 2012 vun deem éischte Gesetz, wat mer gemaach hunn iwwert d'Mediatioun. Deen huet Folgendes deklaréiert, an en huet am Fong geholl dat ganz kloer bestätegt, en huet gesot: „D'Mediatioun war an éischter Linn interessant fir d'Entreprises. Si kënnen duerch dës Prozedur méi schnell an op eng konziliant Aart a Weis hir Problemer léisen. Si huet d'Garantie vun der Diskretioun, well déi duerch grouss Prozesser bedéngten Effentlechkeet ewechfällt. Esou spuer se Zäit a Geld, ouni hirem Ruff ze schueden.“ Duerfir weess ech och net, Här Fayot, ob déi Reform hei ausschliesslech am Intérêt vun de Bierger ass, wéi Der gesot hutt.

Ech fäerten duerfir och, dass déi Conciliatioun an déi Mediatioun, déi mer hei aféieren, kéint emol d'Rechter vun de Konsumenten, wéi se awer am Code de la consommation kloer festgehalte sinn, ënner Wäert verhandele bei deene Mediationsorganismen, jee nodeem op jidde Fall, wéi déi Mediationsorganismen an der Praxis wäerten zesumme gesat sinn.

Ech hunn et gesot, mir sinn net prinzipiell géint d'Aféierung vun enger subsidiarescher aussergerichtlecher Conciliatiouns- a Mediationsprozedur, wéi mer se hei aféieren, och well se komplett fräiwëlleg bleift an och de Wee zu de Gerichter opléisst. Dat Gesetz hei hält nämlech och e puer wichteg Prinzipie fest: Déi Organismen, déi wëlle Conciliatioun oder Mediatioun maachen, ginn opgrond vun där Direktiv u gewësse Verlichtunge gebonnen - dat gefält awer net jiddwengem! - a si mussen e Prix modique froe fir dat, wat se maachen.

Doraus ergi sech awer eng Rei vu Froen, déi am Gesetz net gekläert sinn. Ech fannen zum Beispill net am Gesetz, dass verlaangt gëtt, dass déi Organismen mussen eng organesch Onofhängegkeet hu par rapport zu ekonomeschen Interessen. Bien au contraire, si kënnen roueg och zesumme gesat sinn aus Vertreider vun ekonomeschen Interessen, Vertreider vu Betriber, Regruppementen vu Betriber oder Patronsfederatiounen, déi awer ganz kloer déi eng Sait vun de Litigé mat de Konsumenten duerstellen.

Natierlech kann och de Konsumentenschutz aktiv ginn. Problematesch ass et just an enger Hinsicht: Wann et esou e Konsultatiounsmechanismus (veuillez lire: Conciliatiounsmechanismus) an engem Secteur scho gëtt an deem hält den Dossier un, da verléiert deen allgemenge staatleche Service, den „Médiateur de la consommation“, seng Kompetenz. Esou privat Servicer bleiwen also prioritär zoustänneg, och wa se vum Secteur selwer finanzéiert ginn. An de staatleche Service huet nëmme eng Compétence résiduelle, eng Reschtkompetenz. D'privat Déngschter mussen zwar d'Tariffer matdeelen an déi mussen „modique“ sinn, mä mir iwwerloossen et heimat dem Minister, den Inhalt vun deem Begrëff bei der Autorisationsprozedur festzeleeën.

Fest steet just, dass de staatleche Service muss gratis schaffen, dat gëtt och vum Statsbudget iwwerholl. Geplangt sinn zwee Juristen. An de Ministère selwer rechent laut Aussoen, déi e gemaach huet an der Kommissioun, net mat engem groussen Undrang bei där neier Mediatioun. Senger Meinung no sinn och déi besteeënd Strukturen net iwwerlaff, an en ass awer onfäeg, fir konkret Donnéeën doriwwer ze liwweren.

Op d'mannst dat wäert sech jo da bei deem Gesetz hei änneren, well jo déi Betriber, déi gären op déi Lëscht do kommen, oder déi Servicer, déi gären op déi Lëscht do kommen, mussen och Rapporten do ofliwweren. All déi aner kënnen weiderhi maachen, wat se wëllen. Si si kengen Obligatiounen ënnerworfen, wa se net froen, fir op déi Lëscht ze kommen.

Bis elo si jo, dat ass hei gesot ginn, eng néng esou Organismen tätég an deene verschiddenste Beräicher. Derniewent gëtt et professionell Mediateuren, un déi sech elo scho Privatleit, Entreprisë kënnen wenden, och d'Gerichter sech eventuell kënnen wenden. Et gëtt de Centre de médiation civile et commerciale an dee gëtt bedriwwen vum Ordre des Avocats, vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, vum Collège médical, e schafft al-

lerdéngs op Stonnentariff an en huet och Dossierskäschtchen. An en huet sech esou ausgedréckt, dass en net wëllt hunn, dass dee staatleche Service kënnt, well e selwer wëllt dee Kuch do fir sech hunn.

An ech kann och do nëmme der Regierung félicitéieren, dass se där Tentatioun net noginn huet! Well hei si mer komplett am kommerzielle Beräich. Et ginn iwwregens Statistiken, déi soen, dass de Präis vun esou kommerzielle Mediatiounen ongeféier en Drëttel nëmme ënnert deem normale Präis läit, wann een op d'Gericht geet, ouni awer d'Garantie vun engem Resultat.

Dat Gesetz hei versicht also, dee kommerziellen Aspekt ewechzeloossen, wann et ëm Kontrakter geet, wou et sech ëm Professioneller handelt, déi hei ugesidelt sinn. Wéi wäit dat gélegt, muss d'Praxis weisen. Ech fäerten, dass d'Herkunft vun deenen eenzelne Servicer och wäert eng Auswirkung hunn op d'Ausrichtung vun deenen Décisiounen, déi do geholl ginn.

Mir bleiwe skeptesch. Duerfir wäerte mer eis och enthalen, obscho mer och mat Verschiddenem aus deem Gesetz hei d'accord sinn. Mir sinn och d'accord mat deenen extrae Bestëmmungen, déi elo nach drakommen, fir d'Konsumente weider ze schützen am Code de la consommation, zum Beispill géint abusiv Kreditverträge.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Urbany. An d'Wuert huet elo direkt den Här Wirtschaftsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Merci, Här President. Fir d'Alleréischst géif ech ganz gär dem Rapporteur Merci soe fir säin exzellente Rapport. Ech soen och all de Riedner hei Merci. An ech wäert net méi op all déi eenzel Punkten agoen, well eigentlech alles gesot ass. Ech mengen, wat extrem wichteg ass, dat ass, dass et effektiv keng Konfusioun gëtt tëschent deene verschiddenen Organer. An dofir wäert d'Regierung och eng Informationscampagne starten, fir de Bierger dobaussen opzeklären, wéi dat heite fonctionnéiert respektiv wéi eng Méiglechkeeten dass en huet.

Wat d'Impartialitéit ugeet, ass et selbstverständlech esou, dass déi gewahrt wäert sinn. Dat gëtt en eegestännege Service. A mir hunn och wëllen, dass dee Service net am Ministère de l'Économie selwer ugesidelt ass, mä à part. De Budget ass scho virgesinn. Mir hunn och, wéi et richtig gesot ginn ass, zwee Juriste virgesinn, fir déi anzustellen. Allerdéngs mussen mer natierlech op de Vott vun dem héijen Haus hei waarden, fir kënnen déi Posten auszeschreiwen an dann och anzustellen.

Dann zum ADR oder zum Här Reding villméi, deen eigentlech näischt zum Inhalt vum Text gesot huet, just eng europäesch Schelte hei ginn huet, dass hei erëm eng Direktiv wär, déi eis vu Bürokraten opgezwoenge gi wär. Ech wëll hie just drun erënneren, un de Fonctionnement, wéi esou Direktiven zustane kommen.

Dat sinn normalerweis gewielte Ministeren, déi zu Bréissel esou en Text unhuelen. Duerno sinn et gewielten Europadeputéiert, déi den Text dann och nach eng Keier unhuelen. An dann ass et hei un lech als gewielte Vertreider vum Vollek, fir den Text unzuhuelen. A laut mengen Informatiounen huet d'ADR keen eenzegen Amendement zu deem Projet de loi eraginn. Dofir wëll ech lech just soen: Wann Der et net emol probéiert, Influenz op en Text ze huelen, dann dierft Der lech awer herno net beschweieren, dass en ugehall ginn ass ouni Ären Input.

Voilà, dat gesot, soen ech lech allegueren e grouse Merci fir d'Mataarbecht un deem heiten Text.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An domat kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6769 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6769 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Et hu 56 Deputéiert um Vott deelgehol, direkt oder indirekt: 51-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Léon Gloden, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;



MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;
MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger,

Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;
MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.
Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.
Ass d’Chamber d’accord, fir d’Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)
Dann ass dat esou decidéiert.
An domat si mer um Enn vun eisen Aarbechten. Kommt gutt heem a Rendez-vous muer um zwou Auer.
(Fin de la séance publique à 18.34 heures)

Sommaire des séances publiques n°s14, 15 et 16

14° séance	
Ouverture de la séance publique	p. 193
6900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2016 et modifiant	
1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu;	
2) la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (Abgabenordnung);	
3) la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l’évaluation des biens et valeurs;	
4) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2002;	
5) la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l’établissement public dénommé «Fonds d’investissements de la Cité Syrdall»;	
6) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d’aides à la protection de l’environnement et à l’utilisation des ressources naturelles;	
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l’innovation;	
8) la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2014;	
9) le Code de la sécurité sociale;	
10) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d’accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l’électricité, les produits de tabacs manufacturés, l’alcool et les boissons alcooliques	
et	
6901 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2015-2019 (suite)	p. 193-199
	p. 201
6838 - Projet de loi portant règlement du compte général de l’exercice 2014	p. 199-200
Résolution concernant les comptes de l’exercice 2014 du Médiateur	p. 200-201
Ordre du jour	p. 201
6718 - Projet de loi modifiant, en vue de la transposition de la directive 2013/34/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013 relative aux états financiers annuels, aux états financiers consolidés et aux rapports y afférents de certaines formes d’entreprises, modifiant la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil et abrogeant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil:	
1) la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;	
2) le titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;	
3) le titre II du livre I ^{er} du Code de commerce (suite)	p. 201-202
6847 - Projet de loi du (...) portant transposition	
- de la directive 2014/86/UE du Conseil du 8 juillet 2014 modifiant la directive 2011/96/UE concernant le régime fiscal commun applicable aux sociétés mères et filiales d’États membres différents;	
- de la directive 2015/121/UE du Conseil du 27 janvier 2015 modifiant la directive 2011/96/UE concernant le régime fiscal commun applicable aux sociétés mères et filiales d’États membres différents;	
portant modification	
- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu;	
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l’évaluation des biens et valeurs;	
- de la loi modifiée du 1 ^{er} décembre 1936 concernant l’impôt commercial;	
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 („Abgabenordnung“);	
- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d’une bonification d’impôt sur le revenu en cas d’embauchage de chômeurs	p. 202-203
Ordre du jour (suite)	p. 203
6866 - Projet de loi relative aux mesures de résolution, d’assainissement et de liquidation des établissements de crédit et de certaines entreprises d’investissement ainsi qu’aux systèmes de garantie des dépôts et d’indemnisation des investisseurs, portant:	
1. transposition de la directive 2014/59/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 établissant un cadre pour le redressement et la résolution des établissements de crédit et des entreprises d’investissement et modifiant la directive 82/891/CEE du Conseil ainsi que les directives du Parlement européen et du Conseil 2001/24/CE, 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2005/56/CE, 2007/36/CE, 2011/35/UE, 2012/30/UE et 2013/36/UE et les règlements du Parlement européen et du Conseil (UE) n°1093/2010 et (UE) n°648/2012;	
2. transposition de la directive 2014/49/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux systèmes de garantie des dépôts;	
3. modification:	
a) de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;	
b) de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d’une commission de surveillance du secteur financier;	
c) de la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière portant: - transposition de la directive 2002/47/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 juin 2002 concernant les contrats de garantie financière; - modification du Code de Commerce; - modification de la loi du 1 ^{er} août 2001 concernant la circulation de titres et d’autres instruments fongibles; - modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier; - modification du règlement grand-ducal du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l’article 1 ^{er} du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières; - abrogation de la loi du 21 décembre 1994 relative aux opérations de mise en pension; - abrogation de la loi du 1 ^{er} août 2001 relative au transfert de propriété à titre de garantie;	
d) de la loi du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d’acquisition et	
e) de la loi du 24 mai 2011 concernant l’exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées	p. 203-204
15° séance	
Ouverture de la séance publique	p. 205
6866 - Projet de loi (...) (suite)	p. 205-210
6891 - Projet de loi portant modification	
- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu;	
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l’impôt sur la fortune;	
- de la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation;	
- de la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la Société d’investissement en capital à risque (SICAR);	
- de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d’épargne-pension à capital variable (sepcav) et d’association d’épargne-pension (assep)	p. 210-214
6899 - Projet de loi du [...] portant approbation de l’Accord concernant le transfert et la mutualisation des contributions au Fonds de résolution unique signé à Bruxelles le 21 mai 2014	p. 214-215
6775 - Projet de loi relative à l’accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d’avocat	p. 215-221
6904 - Projet de loi portant modification:	
1. du Code du Travail;	
2. de la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l’article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation pour l’année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;	
3. de la loi modifiée du 3 août 2010 1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l’emploi et à adapter les modalités d’indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail; 2) modifiant les articles L.513-3, L.521-7 et L.523-1 du Code du Travail; 3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l’article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l’année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail	p. 221-224
Discours de fin d’année de M. le Président	p. 224-225
16° séance	
Ouverture de la séance publique	p. 225
Communications	p. 225-226
Ordre du jour	p. 226
Vérification des pouvoirs et assermentation d’un nouveau membre de la Chambre des Députés	p. 226-227
Dépôt d’une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Alex Bodry	p. 227
Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales	p. 227
Octroi d’un titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l’Administration parlementaire	p. 227
Heure de questions au Gouvernement	
Question n°153 du 18 janvier 2016 de M. André Bauler relative à la fermeture probable de quelques commissariats de proximité dans la région nord du Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure	p. 227-228
Question n°154 du 19 janvier 2016 de Mme Octavie Modert relative à l’emplacement des radars fixes, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 228
Question n°155 du 18 janvier 2016 de Mme Taina Bofferding relative aux aides financières de l’État pour études supérieures pour non-résidents, adressée à M. le Ministre de l’Enseignement supérieur et de la Recherche	p. 228
Question n°156 du 19 janvier 2016 de M. Fernand Kartheiser relative à la caserne Grand-Duc Jean à Diekirch, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 228-229
Question n°157 du 18 janvier 2016 de M. Gusty Graas relative à l’alerte incendie déclenchée dans le tunnel «Grouft» en date du 13 janvier 2016, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 229
Question n°158 du 19 janvier 2016 de Mme Sylvie Andrich-Duval relative à la mise en œuvre de la loi portant création de la profession de psychothérapeute, adressée à Mme la Ministre de la Santé	p. 229
Question n°159 du 19 janvier 2016 de Mme Cécile Hemmen relative aux essais cliniques de médicaments à usage humain, adressée à Mme la Ministre de la Santé	p. 229-230
Question n°160 du 19 janvier 2016 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative au lancement dès la rentrée scolaire 2016-2017 de projets pilotes dans plusieurs structures d’accueil pour enfants de un à trois ans, adressée à M. le Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse	p. 230
Question n°161 du 18 janvier 2016 de M. Edy Mertens relative au nettoyage de la N7 en cas de chutes de neige, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 230
Question n°162 du 19 janvier 2016 de M. Gilles Roth relative à la légalité des banques de données de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure	p. 230-231
Heure d’actualité du groupe politique CSV sur la sûreté des centrales nucléaires belges suite au redémarrage et aux incidents intervenus ces dernières semaines dans les centrales de Doel et Tihange	p. 231-234
Question élargie n°8 de M. Marcel Oberweis sur la recherche	p. 234-235
6769 - Projet de loi portant introduction du règlement extrajudiciaire des litiges de consommation dans le Code de la consommation et modifiant certaines autres dispositions du Code de la consommation	p. 235-239